

Kultur op Schratt an Tratt
Culture à chaque tournant



LEADER
Lëtzebuerg West



Regionalmagasinn - Magazine régional n°17





Inhaltsver- zechnis

Table des matières



Editorial	2-3
Et wor emol... eist Duerf Il était une fois... notre village	4-5
Konschtprojete ronderëm d' Héierschwächt Projets artistiques autour de la déficience auditive	6-7
Multikulti Gallo-Réimer Nos ancêtres multiculturels	8-9
Geschicht an Zukunftsmusek Histoire et anticipation	10-11
Eng laang Rees Un aller-retour de Septfontaines à Rome	12-13
Koler – The place to be Kahler – The place to be	14-17
Lisa	18-21
Traditiounen héichhalen! Vive la tradition!	22-23
Praktesch Informatiounen zur Kultur an der Regioun Informations pratiques relatives à la culture dans la région	24-25
Dëst an dat En bref	26-27
Agenda	28



Impressum

Editeur:
LAG Lëtzebuerg West
1, rue de l'Eglise
L-7481 Tuntange
T : +352 26 61 06 80
E : lw@leader.lu
W : www.letzebuergwest.lu

Redaktioun:
Marc Angel-Romera, Sarah Mathieu,
Michèle Thinnes

Fotoen:
Archives Lucien Arendt Simmern,
Ralph Arens, Jos Bill, D'Georges Kayser
Alterumsfuerscher asbl, Laurent Henn,
Luca Hoffmann, Henri Krier, Sébastien
Lambot, David Laurent, Lët'z Folk,
Sarah Mathieu, Hyder Razvi (Rose de Claire,
design.), Marc Siweck, Michèle Thinnes,
Jeanine Unsen, Unkle.Z, Alain Welter,
Yadlavie

Layout:
Rose de Claire, design.

Drock:
Imprimerie Centrale

Oplo:
14.000 Stéck

Datum:
10. November 2017

Foto: Jos Bill



Léif Lieser,

Zéng Joer besteet eis Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West elo schonn. Zéng Joer, an deene vill Projeten an ënnerschiddleche Beräicher ëmgësat gi sinn a soumat eis Regioun op ënnerschiddlech Aart a Weis weiderbruecht hunn. Ee vun eisen Handlungsfelder an der aktueller Entwécklungsstrategie ass *KulturRegioun*. An dësem Beräich ginn am Moment eng Rei LEADER-Projeten ëmgësat, déi mir lech an dëser Ausgab vum Regionalmagasinn wäerte virstellen.

Gläich zwee transnational Projete beschäftegen sech mat der réimescher Vergaangenheet vun eiser Regioun. Am Kader vun *D'une villa (romaine) à l'autre au pays des Trévires* wäerten eis réimesch Sitten ënnert der Fiederféierung vun der *Georges Kayser Altermumsfuerscher asbl* zesumme mat de Partner aus eiser Regioun an aus dem *Parc Naturel Haute-Sûre Forêt d'Anlier* opgewäert ginn. Parallel dozou schafft d'Universitéit Tréier un enger App, déi et wäert erméiglechen sech op aacht Sitten an eiser Regioun historesch Gebaier per Smartphone oder Tablett an 3D unzekucken.

Am Kader vun den Zukunftsatelieren am Joer 2014 war d'Iddi opkomm, Unterrechtmaterial zum Thema lokal a regional Geschicht fir Schoulkanner auszeschaffen. Dës Iddi war op grouss Zoustëmmung bei de Partner an der Regioun getraff. Si fënnt sech erëm am *Projet Histoschool - Lokal*

Geschicht an der Schoul, wou am Moment Aarbechtsgruppen zesumme gesat an d'Theme festgeluecht ginn.

D'Mierscher Kulturhaus entwéckelt am Kader vu sengem neie *Projet Babel. Ein Wort, ein Zeichen* kënschtlersch Projete mat begleetender Gebäerdesprooch: Liesungen, Erzieltheater, e Virtrag an e Concert stinn um ofwieslungsräiche Programm.

Niewent dësen Informatiounen zu den aktuelle LEADER-Projeten am Beräich Kultur fannt Dir op de kommende Säiten Artikelen iwwert den *Urban Art Museum* zu Koler, lëtzebuergesch Folkloridänz an en Interview mat der Cellistin Lisa Berg.

Dann ass de LEADER-Büro och frou, lech matzedeele, dass déi nei Internetsäit vun der Lokaler Aktiounsgrupp LEADER Lëtzebuerg West elo online ass: all weider Informatiounen zu LEADER, der Regioun Lëtzebuerg West an de LEADER-Projete fannt Dir ab elo op www.letzebuergwest.lu. Luusst eran, et lount sech!

D'Mataarbechterinne vum LEADER-Büro

Chers lecteurs,

Notre Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West a vu le jour il y a dix ans. Depuis sa formation, une panoplie de projets relevant de différents domaines ont été mis en œuvre dans le but de favoriser - de diverses manières - le développement de notre région. Le volet *Région culturelle* figure parmi les champs d'action définis par notre stratégie de développement actuelle. Dans ce domaine, une série de projets LEADER que nous allons vous présenter dans cette édition du magazine régional sont en cours de réalisation.

Deux projets transnationaux portent sur le passé romain de notre région. Le projet *D'une villa (romaine) à l'autre au pays des Trévires* met en valeur nos sites romains sous l'égide de la *Georges Kayser Altermumsfuerscher asbl*, ensemble avec les partenaires de notre région et du Parc Naturel Haute-Sûre Forêt d'Anlier. Parallèlement, l'université de Trèves travaille sur une application, qui permettra aux visiteurs de visionner en 3D des monuments historiques sur huit sites de notre région sur leur smartphone ou leur tablette.

Lors des ateliers d'avenir tenus en 2014, l'idée d'élaborer du matériel pédagogique pour enseigner l'histoire locale et régionale dans les écoles a pris naissance. Cette idée a fait l'objet d'un large consensus auprès des partenaires de la région. Elle a été intégrée dans le projet *Histoschool - Lokal Geschicht an der Schoul*, pour lequel des groupes de travail sont actuellement formés et les thèmes déterminés.

Dans le cadre de son nouveau projet *Babel. Un geste, un mot*, le *Mierscher Kulturhaus* développe des productions artistiques adaptées en langue des signes : des lectures, du théâtre-récit, une présentation et un concert figurent sur le programme riche en variété.

Outre ces informations sur les projets menés actuellement par LEADER dans le domaine de la culture, vous trouverez dans les pages suivantes des articles sur le *Urban Art Museum* à Kahler, les danses folkloriques luxembourgeoises, de même qu'une entrevue avec la violoncelliste Lisa Berg.

Le bureau LEADER a également le plaisir de vous annoncer que la nouvelle page web du Groupe d'Action Locale LEADER Lëtzebuerg West est à présent en ligne. Vous trouverez dès maintenant tous les renseignements sur LEADER, la région Lëtzebuerg West et les projets LEADER sur le site www.letzebuergwest.lu. Jetez-y un coup d'œil, cela vaut le détour !

Les collaboratrices du bureau LEADER

ET WOR EEMOL...

EIST DVERF!

IL ÉTAIT UNE FOIS... NOTRE VILLAGE!

→ WÉI KËNNE BESONNESCH
D'KANNER DEE PATRIMOINE,
DEE SI ËMGËTT, KENNE-
LÉIEREN AN ESOU EE BEZUCH
ZU HIREM DOHEEM KRÉIEN?



COMMENT LES ENFANTS
PEUVENT-ILS FAIRE
CONNAISSANCE DU
PATRIMOINE QUI LES
ENTOURE ET CRÉER UN LIEN
AVEC LEUR CHEZ-EUX?



Wéi Der e puer Säite méi wäit kënnst liesen, ass de Keeser Hari VII an den Äerm vu sengem Frënd a Begleeder, dem Thomas vu Siweburen, gestuerwen. Seng Buerger stoung zu Simmer, wou hien d'Mäerteskerch baue gelooss huet, an där bis haut Mass gehale gëtt. Do gesäit een, wéi déi grouss Geschicht, déi vun de Gewënner an de Mächtege vun dëser Welt, op déi kleng Geschicht trëfft, déi vun de Leit ewéi Dir an ech, déi all Dag virun eiser Nues stattfënnt.

An dat ass nëmme ee Beispill vu villen, wéi mer iwwerall an eisem Liewen op d'Vergaangenheet stoussen.

D'Geschichtsfreënn ënnert eis wëssen dat, a si wëssen och, wou se weider Informatiounen dozou hirkréien. Mee all erwuessene Mënsch ass fräi z'entscheiden, ob e sech fir sou Saachen interesséiert oder net. A wéi steet et dann do mat deenen neie Leit an eiser Regioun? Wéi kënnen besonnesch d'Kanner dee Patrimoine, dee si ëmgëtt, kenneléieren an esou ee Bezuch zu hirem Doheem kréien? Déi Froen huet ee sech bei der Lokaler Aarbechtsgrupp Lëtzebuerg West an hire Partner gestallt. An domat war den Ufank vum Projet *HistoSchool - Lokal Geschicht an der Schoul* gemaach.

Basiswësse vermëttelen, de Vuerwëtz stëppelen an no Äntwerte sichen, sou funktionéiert Bildung, an do ass natierlech virun allem d'Schoul gefuerdert. Dofir war et dat Normaalst vun der Welt, sech fir d'éischt un d'Léierpersounen ze riichten, fir mat hinnen een Aarbechtsgrupp

op d'Been ze stellen an iwwert Moosnamen ze schwätzen, **fir eise jonke Mënschen ee Geschichtsbewosstsi mat op de Wee ze ginn.**

An der Grondschoul konzentréiert de Geschichtsunterricht sech gemenkerhand op déi grouss Linnen a léisst d'Regional- oder Lokalgeschicht léns leien. Elo ass awer grad Lëtzebuerg West eng Géigend, där hir Vergaangenheet wierklech derwäert ass, dass ee sech dermat befaasst, fir sech hei richteg doheem ze fillen.

Fir d'éischt ass also mol den Tour vun deene wictegsten Themen ze maachen. Dat wäerte vu Gemeng zu Gemeng, vläicht souguer vun Duerf zu Duerf anerer sinn. An dobäi kënnen mer de Bou spane vun de prehistoresche Spuren, wéi de Menhir vum Béisenerbiërg bei Miersch, bis bei d'Zeie vum Industriezäitalter, wéi d'Schmelz zu Stengefort, ouni déi vill gallo-réimesch a mëttelalterlech Iwwerreschter ze vergiessen. Natierlech fannen hei och Theme wéi Duerfentwécklung, Gebailechkeeten a wicteg Persounen aus der Uertschaft hir Plaz.

Duerno geet et drëm, ee Konzept a pädagogesch Material auszeschaffen an Aktivitéiten unzebidden zu deenen Themen an Epochen, déi d'Entstoen an d'Entwécklung vun dëser an där Uertschaft markéiert hunn. D'Léierpersounen brauchen dann zousätzlech Informatiounsmaterial, fir kënnen eventuell Froen vun de Schüler ze beäntweren. Dat wär ëmmerhin ee gutt Zeechen!

Well jo all déi wicteg Plaze praktesch virun der Schoulpaart leien, läit et op der Hand, sech se och ukucken ze goen.

Fir de Projet *HistoSchool* duerchzezéien, gi Leit gebraucht mat engem wäiten Horizont an engem Grapp voll Kreativitéit a Professionalitéit an hire jeeweilege Beräicher. Mir sinn iwwerzeegt, dass et där hei ronderëm ee ganze Koup gëtt!

L'empereur Henri VII mourut, comme vous pouvez le lire un peu plus loin, dans les bras de son ami et vassal, Thomas de Septfontaines. Qui avait son fief au village du même nom que nous connaissons bien. Il y fit construire l'église St-Martin, où l'on continue de célébrer la messe aujourd'hui. C'est ainsi que la Grande Histoire, écrite par les vainqueurs et les puissants de ce monde, rejoint la petite histoire, celle des gens comme vous et moi, celle que nous avons tous les jours devant le nez.

Ceci n'est qu'un exemple parmi tant d'autres de l'omniprésence du passé dans notre vie quotidienne.

Les amateurs d'histoire d'entre nous sont conscients de cette réalité et savent où se procurer plus d'informations. Mais en tant que personne adulte, on est libre de choisir si on s'intéresse à ce genre de choses ou non. Et puis, qu'en est-il par exemple des nouveaux habitants de la région? Comment les enfants, en l'occurrence, peuvent-ils faire connaissance du patrimoine qui les entoure et créer un lien avec leur chez-eux? se sont demandés le GAL Lëtzebuerg West et ses partenaires, toujours soucieux d'inclure dans leurs réflexions la population locale dans son ensemble. Et c'est cette question qui fut à l'origine du projet HistoSchool - Lokal Geschicht an der Schoul.

Fournir le savoir de base, inciter à la curiosité et chercher des réponses, c'est ainsi que fonctionne tout enseignement qui se respecte, et c'est bien entendu à l'école qu'incombent ces devoirs. Aussi, quoi de plus naturel que de s'adresser avant tout aux corps enseignants pour former un groupe de travail et discuter des mesures à prendre pour améliorer la conscience historique des plus jeunes?

Le problème se pose qu'en général, le cours d'histoire, surtout au sein de l'enseignement fondamental, se concentre sur les grandes lignes, négligeant en grande partie l'histoire régionale, voire locale. Or, **Lëtzebuerg West est une région avec un passé qui mérite que l'on s'y intéresse** et qui se prête à être exploré pour mieux se sentir chez soi.

La première chose à faire consistera donc à dresser un inventaire des thèmes pertinents. Les époques et sujets varieront d'une commune, voire d'une localité à l'autre, l'ensemble pouvant s'étendre des vestiges de la préhistoire, comme le menhir du Béisenerbiërg près de Mersch, aux témoins de l'ère industrielle, comme les friches sidérurgiques de Steinfort, sans oublier les nombreuses présences gallo-romaines et médiévales. Évidemment, le développement local, le patrimoine architectural ou les personnages marquants de la localité y trouveront également leur place.

Il s'agira ensuite d'offrir, de façon complémentaire, un concept, du matériel pédagogique et des activités sur les thèmes et les époques ayant marqué le devenir et l'évolution de telle ou telle localité. Et de munir les enseignants d'une réserve d'informations supplémentaires, de façon à pouvoir répondre aux questions éventuelles des élèves. Ce qui serait bon signe!

Enfin, comme tous ces trésors se trouvent quasiment devant le portail de l'école, des visites des lieux s'imposent tout naturellement.

Afin de mener à bien le projet HistoSchool, des personnes disposant d'une bonne dose d'ouverture d'esprit, de créativité et de professionnalisme dans leurs domaines respectifs sont requises. Nous sommes certains que ce n'est pas ce qui manque dans le coin!

Text: Marc Angel-Romera, Mierscher Kulturhaus
Foto: Marc Siweck, Yadlavie

Konschtprojete ronderëm d'Héierschwächt

Projets artistiques autour de la déficience auditive



Den Zougang zur Kultur ass ee Mënschrecht. Op den éischte Bléck ass dat eng Selbstverständlechkeet, mee a Wirklechkeet ass et dat net. Wann Der zum Beispill eng Héierschwächt hutt, da wäert Der séier mierken, dass een Theater, Concerts- oder Kinosbesuch eng zimlech frustréierend Erfahrung ka sinn, well Der net vill fannt, wat un Är Besoinen ugepasst ass. Dat ass ee Manko an eiser kultureller Offer, dee Leit ka vun engem ganzen Deel vum soziale Liewen ausspären.

D'Mierscher Kulturhaus, dat bekannt ass fir säin Engagement a Saache sozial Inclusion, huet sech dëser Erausforderung gestallt a mam *Projet Babel. Un mot, un geste* een usprochsvolle kulturelle Programm op d'Bee gestallt.

Sou wéi de *Projet* am LEADER-Programm virgesi war, geet et dorëm, dass déi kulturell Institutiounen aus der Regioun an dem Land eng Offer an hirer Programmation schafen, déi déi speziell Bedierfnesser vun héiergeschiedegte Leit berécksiichtegen.

Fir déi éischt Editioun an der Saison 2017/2018 huet de 25. September eng Liesung mam Paule Daro, dem Nico Helminger an dem Jhemp Hoscheit ënnert dem Titel „Klang a Biller - Literatur fir Mënschen, déi héieren oder a gesinn“ am Centre national de littérature zu Miersch stattfonnt.

Am Kader vum Programm fir dee jonke Publikum CAKU vum Mierscher Kulturhaus, gëtt den Theaterspektakel „Vun Näischnotzen, Spëtzbouwen an allerlee Stüchtereien“ vun der Erzielerin Betsy

L'accès à la Culture est un droit humain. Or, ce qui peut paraître comme une évidence à première vue, ne l'est pas forcément dans la réalité vécue. Si vous vous trouvez, par exemple, en situation de déficience auditive, vous vous rendez vite compte qu'assister à une pièce de théâtre, un concert, ou même une soirée de cinéma risque de devenir une expérience plutôt frustrante, car vous trouvez peu de spectacles adaptés à vos besoins. Une lacune dans l'offre culturelle de nos institutions qui vous exclut de toute une sphère de la vie sociale.

Le *Mierscher Kulturhaus*, connu pour son engagement en faveur de l'inclusion sociale grâce à de nombreux projets, relève le défi de remédier à cette situation difficile en initiant avec le projet *Babel. Un mot, un geste*. un programme culturel spécifique de haute volée.

À l'origine, le concept du projet tel qu'il a été introduit au sein du programme LEADER souhaite qu'à long terme, les institutions culturelles de notre région et de notre pays créent une offre au sein de leur programmation artistique qui tienne compte des besoins et spécificités du public des déficients auditifs.

Pour la première édition, saison 2017/2018, une lecture avec Paule Daro, Nico Helminger et Jhemp Hoscheit intitulée «Klang a Biller - Literatur fir Mënschen, déi héieren oder a gesinn» a eu lieu au Centre national de littérature à Mersch en date du 25 septembre 2017.

Ensuite, dans le cadre du programme jeune public CAKU du *Mierscher Kulturhaus*, un spectacle de théâtre





Inclusioun duerch Kultur

L'inclusion par la Culture

Dentzer, dee sech u Kanner vu 7 bis 11 Joer riicht, opgefouert. Dobäi gëtt den Text an Zeechesprooch iwwersat. Virstellung fir d'Ëffentlechkeet a fir Schoule gi vum 12. Dezember 2017 un ugebueden.

Fir der Héierschwächt, enger Behënnerung, déi een net gesäit, mee déi et vill an eiser Gesellschaft gëtt, eng Stëmm ze ginn, si weider Projeten an dëser éischer Editioun virgesinn:

„Der Rest ist Schweigen – gehörlos in Luxemburg“ ass den Titel vun enger Konferenz, déi de Kaderprogramm vun *Babel. Un mot, un geste* duerstellt. Dës Konferenz soll eng déifgräifend Diskussioun iwwert den Thema ausléisen an op de Gesetzesprojet iwwert d'Unerkennung vun der Zeechesprooch als offiziell Sprooch zu Lëtzebuerg agoen. Rendezvous ass den 20. Februar 2018 am Cercle Cité an der Stad. Mat enger Aféierung vun der däitscher Autorin Kathrin Schocke zesumme mam Pantomime Jomi an a Presenz vun deenen dräi betraffene Ministären – Educatioun, Famill an Integratioun souwéi Kultur.

Fir awer méi Leit z'erreeche wéi säin traditionelle Publikum, proposéiert d'Mierscher Kulturhaus am Partenariat mat der Schungfabrik vu Keel de Concert „Chanson pour les yeux et les oreilles“ mam franséischen Duo Albatrice, den 28. Mäerz 2018. De Kasemattentheater bitt de 4. Mee 2018 eng apaart Liesung vun Texter vum Karl Marx ënnert dem Titel „Marx mit Mundharmonika. Eine Geburtstagsfeier für Charley mit kapitalen Genüssen für Genossen“.

Et ass also ee Programm mat enger ganzer Rëtsch vu Manifestatiounen aus deene verschiddenste Sparte vun der Erzielkonscht, awer all an deem selwechte vereenegende Geescht, fir all Goût a fir all Alter – ob Héiergeschiedegt oder net.

Well d'Kultur awer ee wonnerbart Instrument ass fir Leit zesummen-zebréngen, gëtt de Projet Babel sech net zefridde mat enger innovativer Roll um kulturelle Plang, mee wëllt doriwwe eraus déi Responsabel aus Politik an anere Beräicher op d'Problematik vun der Héierschwächt opmierksam maachen a se derzou bréngen, déi betraffe Leit sou wäit wéi méiglech anzebezielen, ënnert anerem andeems se méi konsequent fir Iwwersetzungen an d'Zeechesprooch suergt.

Déi éischt Virstellung um Programm läit schonn hannert eis, an den Erfolleg huet den Erwaardunge méi wéi entsprach. Elo bleift nach ze hoffen, dass dee gewünschten Domino-Effekt antrëtt...

avec la conteuse Betsy Dentzer intitulé «Vun Näichtnotze, Spëtzbouwen an allerlee Stichereien» est proposé aux enfants de 7 à 11 ans, avec une traduction du texte en langue des signes. Plusieurs représentations publiques et scolaires, s'adressant à un public mélangé d'entendants et de déficients auditifs sont proposés à partir du 12 décembre 2017.

Afin de donner une voix à la déficience auditive, handicap invisible mais bel et bien présent dans notre société, d'autres projets sont prévus pour cette première édition, à savoir :

La conférence «Der Rest ist Schweigen – gehörlos in Luxemburg» qui constitue le programme cadre du projet *Babel. Un mot, un geste*. Cette conférence veut ouvrir la voie à une discussion plus approfondie sur le sujet et prendre en considération le projet de loi en rapport avec la reconnaissance de la langue des signes comme langue officielle au Luxembourg. Rendez-vous le 20 février 2018 au Cercle Cité à Luxembourg Ville avec une introduction de Kathrin Schrocke et de l'acteur-pantomime Jomi, en présence des trois Ministères concernés – l'Education nationale, la Famille et l'Intégration, ainsi que la Culture.

Toujours désireux de rayonner au-delà de son public traditionnel, le *Mierscher Kulturhaus* propose en partenariat avec la *Schungfabrik* de Kayl le concert «Chanson pour les yeux et les oreilles» avec le duo français Albatrice en date du 28 mars 2018. Le *Kasemattentheater* quant à lui propose une lecture décalée de textes de Karl Marx intitulée «Marx mit Mundharmonika. Eine Geburtstagsfeier für Charley mit kapitalen Genüssen für Genossen», et ce en date du 4 mai 2018.

Voilà un programme qui donne une série de manifestations de différentes disciplines narratives issues du même esprit fédérateur, et ce pour tous les goûts et toutes les tranches d'âge – qu'il s'agisse de déficients auditifs ou non.

Considérant cependant que la culture est un moyen fabuleux de regroupement et de rassemblement, le projet Babel ne se contente pas d'un rôle novateur sur le plan culturel, mais vise à attirer l'attention des décideurs politiques et autres vers la problématique de la déficience auditive en les invitant à inclure le plus possible les personnes concernées, et ce en faisant appel notamment à une offre plus conséquente de traductions en langue des signes.

Etant donné que la première représentation vient d'avoir lieu, le succès espéré de cette initiative ambitieuse s'est présenté d'ores et déjà. Il ne reste donc plus qu'à observer le fameux effet tâche d'huile...

➔ www.kulturhaus.lu

Multikulti Gallo-Réimer

Nos ancêtres multiculturels



Asengem Wierk iwwert de gallesche Krich erzielt de Julius Cæsar, wéi dee groussen Indutiomar an eng Fal geroden a vu Legionären erschoss ginn ass, wéi hien duerch ee Floss (Uelzecht oder Semois, do ginn d'Meenungen auserneen) wollt reiden. Den Treverer Indutiomar soll e vun de leschte galleschen Uféierer gewiescht sinn, dee sech géint déi réimesch Herrschaft opgeleent huet. Dat war am Joer 54 viru Christus, an d'Besatzer sollten nach laang hir Rou net kréien, well d'Treverer een Opstand um anere probéiert hunn.

Mee schliisslech ass et de Réimer gelongen, duerch eng virsiichteg Politik am Respekt vun den eenheemesche Bräich, sech duerchzusetzen, an aus de Gallier si lues a lues Gallo-Réimer ginn. Duerno koum eng laang, laang Period vu Fridden, déi an de Geschichtsbicher lakonesch mam Begrëff *Pax Romana* zesummegefaasst gëtt.

Mam Fridde koum de Rächstum. D'Awanderer aus aneren eruewerte Gebitter hunn sech mat der lokaler Populatioun vermëscht. Zaldoten a Kämpfer hunn de Baueren, Händler an héije Beamten d'Plaz iwwerlooss. Et gouf gebaut, an et entstoung Luxuswunnsëtzer mat Buedemheizung, Sanitärriichtungen an anere Kamouditéiten, ëmgéi vu méi bescheidene Gebaier fir d'Personal an d'Béischten.

D'Mauere vun dese gallo-réimesche Villae goufen ausgegruewen an zum Deel erëm opgebaut, sou wéi mer se haut zu Miersch, Mamer oder Giewel, awer och e bësse méi wäit, zu Mageroy bei Habay kënnen bewonneren; grëndlech archeologesch Aarbechte léiften hei ee Geheimnis nom aneren.

Dans son ouvrage sur la guerre des Gaules, Jules César raconte comment le grand Indutiomar fut pris au piège et tué par des légionnaires lorsqu'il tentait de traverser un cours d'eau (Alzette ou Semois, les opinions divergent). Le Trévire Indutiomar aurait été un des derniers chefs gaulois à s'opposer à la domination romaine. C'était en 54 avant J.C., et la partie était loin d'être gagnée pour les occupants, car les Trévires tentèrent plus d'une révolte.

Mais, grâce à une politique prudente et respectueuse des mœurs et croyances autochtones, les Romains parvinrent à se faire accepter, et les Gaulois se transformèrent peu à peu en Gallo-Romains. S'en suivit une longue, longue période de paix, que les manuels d'histoire résumement laconiquement sous le terme de *Pax Romana*.

La paix entraîna la prospérité. Des immigrants d'autres territoires conquis se mêlèrent aux populations locales. Les guerriers firent place aux paysans, commerçants, hauts fonctionnaires. On se mit à construire ce qu'on appellerait aujourd'hui des demeures de standing, équipées de chauffage au sol, salle de bains et autres installations de confort, et entourées de bâtiments plus modestes pour le personnel et le bétail.

Aujourd'hui, nous pouvons admirer des traces et reconstitutions de ces villae gallo-romaines, dont des fouilles archéologiques méticuleuses continuent de nous révéler secret pour secret, à Mersch, Mamer ou Goebange, mais aussi, un peu plus loin, à Mageroy, près de Habay.

Les mérites de ces découvertes reviennent aux groupes scientifiques, composés d'archéologues professionnels et d'amateurs bénévoles, qui depuis des décennies opèrent sur les sites avec passion et savoir-faire.



Afin de valoriser leurs efforts et de permettre des échanges d'expériences et de compétences entre les différentes équipes, l'asbl *D'Georges Kayser Altertumsfuerscher* s'est associé à ses confrères belges de l'asbl Arc-Hab, pour un projet transfrontalier soutenu par les GAL Lëtzebuerg West et Haute Sûre Forêt d'Anlier.

Dans une première phase, des prospections géo-radar ont permis d'analyser le sol sans devoir le creuser, afin de déterminer l'emplacement exact d'éventuels vestiges qui attendraient d'être découverts. Ces prospections se font dorénavant dans un rythme annuel, celle de 2017 ayant été réalisée d'ores et déjà.

En dehors de son aspect scientifique, le projet *D'une villa (romaine) à l'autre au pays des Trévires* permettra de développer la promotion des atouts touristiques et pédagogiques de ces sites. Aussi a-t-on prévu de mettre en place une communication efficace – brochure, panneaux didactiques, signalétique – mais aussi d'aménager et d'améliorer leur accessibilité. En unissant ses forces, il sera possible de multiplier les effets bénéfiques pour toutes les parties concernées.

D'un point de vue culturel, les vestiges gallo-romains méritent d'être mis en valeur. Spectaculaires à plus d'un égard, ils donnent à ceux qui y jettent un œil attentif, une idée de la richesse et de la qualité de vie qui régnaient à cette époque longtemps révolue. Comme quoi, le passé n'est pas fait uniquement de guerres et de misères, comme on nous l'enseigne trop souvent, mais traverse également des périodes où l'art de vivre et le respect de l'autre étaient de mise.


Dat hu mer deene wëssenschaftlechen Ekippen ze verdanken, déi aus professionellen Archeologen a Fräiwëllege bestinn, an déi zënter Joerzénge mat Leidenschaft a Fachkenntnes doru schaffen.

Fir hir Verdéngschter ze éieren a fir hinne d'Méiglechkeet ze ginn, Erfarungen a Kompetenzen auszetauschen, huet d'asbl *D'Georges Kayser Altertumsfuerscher* sech mat hire belsche Kollegen zesummedeod fir ee grenziwwerschreidende Projet mat der Ënnerstëtzung vun der LAG Lëtzebuerg West an där vun *Haute Sûre Forêt d'Anlier*.

An enger éischter Phas goufe Geo-Radar-Prospektiounen duerchgefouert, fir de Buedem no weideren eventuellen Iwwerreschter z'analyséieren ouni mussen ze gruewen. Dës Ënnersichunge wäerte vu lo un all Joer eemol gemaach ginn, déi vun 2017 ass scho geschitt.

Nieft deem wëssenschaftlechen Aspekt soll de Projet *D'une villa (romaine) à l'autre au pays des Trévires* och déi touristesche a pädagogesch Attraktivitéit vun de Siten ervirhiewen. Sou ass eng effizient Kommunikatioun virgesinn – mat Broschür, Informatiounspanneauen a Markéierungen – an d'Zougänglechkeet soll verbessert ginn. Mat vereente Kräfte loosse sech dës Aspekter méi liicht an Ugrëff huelen.

Vum kulturelle Standpunkt hir hunn déi gallo-réimesch Iwwerreschter méi Opmierksamkeet verdéngt. Si sinn net nëmmen a villen Hisiichte spektakulär, mee si vermëttelen deem, dee säi Bléck dorop riicht, ee Bild vun dem Räichtum an der Liewensqualitéit vun dëser laang vergaangener Epoch. Do gesäit een, dass d'Vergaangeneheet net nëmmen aus Krich a Misär besteet, wéi heiansdo behaupt gëtt, mee dass et och Periode gouf, wou de géigesäitege Respekt an d'Liewensfrees ugesot waren.



www.gka.lu


www.villamageroy.com

Text: Marc Angel-Romera
Fotografen: Ralph Arens, Universitéit Tréier, David Laurent

Geschicht an Zukunftsmusek

Histoire et anticipation

Modelléierung/Modelage Villa rustica Otrang, Äifel/Eifel



„An hei si mer am Rittersall...“, erkläert de Guide a bleift matzen am Bësch virun enger véiereckeger Mauer stoen. Dir maacht wéi all déi aner, déi un der Visite deelhuefen: Dir wénkt mam Kapp a setzt ee gescheit Gesiicht op, fir dass kee matkrit, dass Der näischt verstaneen hutt. Och wann déi historesch Plazen a Schätz, vun deenen et an eiser Regioun nëmmen esou wimmelt, ganz idyllesch a beandrockend kënne wierken, sou ass et dach schwéier sech virzustellen, wéi dann esou eng Buerg, Réimervilla oder ee vun deene villen archeologesche Schätz da soll fréier ausgesinn hunn. Well fir dat theoretescht Wësse mat der

aktueller Realitéit ze verbannen, dofir braucht een eng gutt Dosis Fantasie.

Mee wéi wär et, wann dat Gemaier virun Iech sech dann op eemol géif wéi vun Zauberhand erëm opbauen? Nee, mat Zauberei huet dat am Fong näischt ze dinn, well Dir wësst jo, d'Informatik mécht hautzedaags alles méiglech.

Dir gitt bestëmmt och ni ouni Smartphone oder Tablet virun d'Dir? Da braucht Der nëmmen eng App erofzelueden, déi et fäerdeg bréngt, Realitéit a Computergrafik mateneen ze verschmëlzen.

« Nous voici arrivés à la salle des chevaliers... », déclare le guide en s'arrêtant devant une muraille rectangulaire au milieu de la forêt. Vous faites comme les autres membres du groupe de visite: vous opinez de la tête et tentez de dissimuler votre incompréhension derrière une mine savante. En effet, si les vestiges historiques dont regorge notre région peuvent séduire par leur charme et impressionner par les trésors qu'ils hébergent, il est souvent difficile de se faire une idée de l'aspect original de tel château-fort, de telle villa romaine ou autre objet archéologique. Car pour relier ses connaissances théoriques à la réalité actuelle, il en faut de l'imagination !



Modellierung Tempel Belginum, Honnsrück
Modelage temple Belginum, Hunsrück



...dat Ganzt passt sech Ärem Bléckwénkel un.

...vous constaterez que le spectacle
s'adapte à votre angle de vue.

Augmented Reality heescht dat Verfahren, bei deem d'Kamera Är Émgéigend filmt, an de Programm an engems déi Deeler vum Gebai an 3D derbäisetzt, déi a Wierklechkeet net méi do sinn. Zéckt och net, eemol den Tour vun der Plaz ze maachen – Dir wäert gesinn, dat Ganzt passt sech Ärem Bléckwénkel un.

Augmented Reality ass een Instrument, dat sécherlech de Kulturtourismus wäert revolutionéieren. Mee loosst mer näischt iwwerstieren. Roum gouf och net an engem Dag gebaut – dee Sproch passt ewéi d'Fauscht op d'A.

Antike Realität mobil erleben (ARmob) ass een éiergäizege LEADER-Projet, dee mat Gedold a Fachkenntnes muss émgusat ginn. Dofir spillt e sech och op transnationalem Niveau, mat der Universitéit Tréier als Projetsdréier of, an et sinn eng ganz Rëtsch lokal Aarbechtsgruppen aus Lëtzebuerg an Däitschland, grad ewéi aner Vereenungen aus den entspreche Beräicher dru bedeelegt. Et geet drëm, den archeologesche Patrimoine am Raum Saar-Musel-Äifel-Honnsrück an der ganzer Groussregioun, virun allem aus der keltescher an der gallo-réimescher Zäit, an d'Fenster ze stellen. ARmob wäert an e puer Joer operationell sinn.

De Projet ARmob liwwert virun allem de Visiteure vun engem Site oder enger Géigend, sief et bei engem spontanen Ausflug oder enger organisierter Rees, wëssenswäert Informatiounen iwwert Monumenter a Plaze vun historiescher Bedeitung. Zur grousser Freed vu Geschichts- an Archeologiefrënn, vun Nerds – an normale Stierflechen!

Et si, devant vos yeux ébahis, l'édifice devant lequel vous êtes censé vous trouver, se reconstruisait ? Bien sûr, tout ceci n'a rien de magique, puisque, vous le savez bien, on n'arrête pas le progrès, surtout en informatique.

Muni comme vous êtes de votre smartphone ou de votre tablette, il vous suffira de télécharger une appli qui accomplit le miracle de fusionner réalité et image de synthèse.

Selon le procédé de la réalité augmentée, la caméra de votre appareil filme en temps réel ce qui se trouve devant vos yeux, alors que le logiciel ajoute en 3D les parties de l'édifice que les siècles ont effacé. Et n'hésitez surtout pas à faire le tour des lieux, car vous constaterez que le spectacle s'adapte à votre angle de vue.

Le logiciel de la réalité augmentée est un outil qui contribuera certainement à révolutionner le tourisme culturel! Mais ne précipitons pas les choses. Rome n'a pas été construite en un jour – le dicton vient à point nommé!

Antike Realität mobil erleben (ARmob) est un projet LEADER ambitieux qui se monte avec patience et savoir-faire. Porté par l'Université de Trèves, il se déroule à un niveau transnational, avec la participation d'une foule de groupes d'action locaux luxembourgeois et allemands et d'autres associations actives dans ce domaine. Il servira à mettre en valeur et à présenter le patrimoine archéologique notamment des époques celtique et gallo-romaine de l'espace Sarre-Moselle-Eifel-Hunsrück ainsi que de la Grande Région dans toute son étendue et sera opérationnel d'ici quelques années.

Le projet *ARmob* offre avant tout aux visiteurs d'un site ou d'une région – qu'il s'agisse d'une excursion spontanée ou d'un voyage organisé – des informations pertinentes sur les monuments et lieux représentatifs du patrimoine historique. De quoi fasciner les amateurs d'histoire et d'archéologie autant que les férus de technologie – et tous les autres!



Eng laang Rees

Un aller-retour de Septfontaines à Rome

Den Hari VII (1275-1313) huet als eenzegen Herrscher aus dem Haus vun de Lëtzebuurger d'Keeserkroun gedroen. En hat se och leider net laang um Kapp, well hien ass um Réckwee vu Roum, wou hien higereest war fir sech op den Troun vum Hellege Réimesche Räch däitscher Natioun kënnen ze setzen, zu Buonconvento bei Siena, an den Äerm vu sengem treie Frënd Thomas vu Siwebure gestuerwen. Ee Bild-Manuskript aus dem Mëttelalter, de Codex Balduini, eng Aart Virleefer vun der moderner Bande dessinée, erzielt déi laang an abenteuerlech Rees vum Hari vu Lëtzebuerg a senge Begleeder.

Den trageschen Doud vum Keeser, sou wéi den Thomas, Grof vu Simmer en erlieft huet, ass awer och d'Thema vu vill méi enger rezenter Kreatioun, déi mat Hëllef vun engem LEADER-Projet entstanden ass.

„Vu Simmer op Roum an zréck“ ass den Titel vun engem Drama an deem mëttelalterleche Genre vum Mysteriepill. Geschriwwe gouf d'Stéck vum Historiker Roger Seimetz no engem Text vu sengem Berufskolleg Jemp Kunnert, Regie huet de Frank Hoffmann, Direkter vum TNL, gefouert. An den Haaptrolle ware vu landbekanntem Acteure besat, déi vun där beléiften Theatergrupp Yolandin ënnerstëtzt goufen. Et hat een et deemno net mat deenen éischte Beschten ze dinn! An dat géllt och fir de musikaleschen an techneschen Encadrement.

Text: Marc Angel-Romera

Fotoen: Luca Hoffmann, ©Droits réservés

Henri VII (1275-1313) fut le seul souverain de la maison de Luxembourg à porter la couronne impériale. Hélas, il ne la porta pas longtemps, car, revenant de Rome, où il s'était rendu pour accéder à la tête du Saint-Empire romain germanique, il mourut à Buonconvento près de Sienne, dans les bras de son fidèle compagnon Thomas de Septfontaines. Un manuscrit illustré médiéval, le Codex Balduini, souvent considéré comme un précurseur de la bande dessinée moderne, narre le long et aventureux périple d'Henri de Luxembourg et de son entourage.

Quant à l'épisode de la fin tragique de l'empereur, tel qu'en témoigne l'ami Thomas, comte de Septfontaines, il est l'objet d'une création bien plus récente, résultat d'un projet LEADER.

«Vu Simmer op Roum an zréck» est le titre d'un drame conçu sous le genre ancestral du mystère, écrit par l'historien Roger Seimetz d'après un texte de son confrère Jemp Kunnert et mis en scène par Frank Hoffmann, directeur du TNL. Avec, dans les rôles principaux, des comédiens de renom, soutenus par le groupe de théâtre Yolandin, bien connu dans la région. On n'a décidément pas à faire aux premiers venus! Et cela vaut également pour l'encadrement musical et technique.

Dix jours de préparation intense, des répétitions durant chacune six à sept heures, pour un spectacle d'environ une heure: pour une prestation de niveau professionnel, c'est peu de temps, mais le résultat n'en laissait rien



Zéng Deeg gouf sech intensiv op de Spektakel preparéiert, d'Prouwen hunn all Kéiers sechs bis siwe Stonne gedauert. Fir eng Opféierung vu professionellem Niveau ass dat net vill Zäit, mee dat huet een um Resultat net gemierkt. De Regisseur Frank Hoffmann besteet drop, dass hien dëse Projet mat deem selwechten Eescht an Éiergäiz an Ugrëff geholl huet ewéi d'*Ruhrfestspiele Recklinghausen*, déi hien zënter 2005 dirigéiert.

Dovunner ofgesinn huet souvill Professionalitéit awer net dru gehënnert, mat gudder Laun a kreativer Begeeschterung bei der Saach ze sinn, mengt d'Natalia Sánchez, Responsabel vum Grupp Yolandin. Alles huet sech an enger dynamescher an agreabler Stëmmung ofgespillt. Et war eng flott Zesummenaarbecht un engem wonnerbare Stéck.

D'Première war Samschdes, de 16. September an der Mäerteskerch, déi viru 700 Joer vu kengem anere wéi dem Thomas vu Siweburen ageweit gouf.

Déi dräi Virstellunge vum Owend waren ausgebucht, mee den Erfolleg läit net nëmme u der Zuel vun de Spectateuren. De Publikum krut eng gutt erzielte Geschicht gebueden a gouf duerch eng staark Dramaturgie vun Ufank bis un d'Enn an Otem gehalen.


Schued fir déi, déi net derbäi waren! De Moment ass nämlech keng weider Virstellung geplangt. Mee d'Natalia Sánchez léisst duerchblécken, dass dat sech nach kann änneren, well esou eng opwänneg a wäertvoll Aarbecht sollt net einfach a Vergiessenheet geroden. An do gëtt et jo och nach d'Méiglechkeet, dat Ganzt an enger anerer Form der Nowelt ze erhalen ...

Schlisslech ass Geschicht dach méi wéi een Uneneereie vu groussen Nimm an Datumer. Wann dofir nach ee Beweis néideg wär – hei ass en!

➔ www.simmer700.lu

De Publikum krut eng gutt erzielte Geschicht gebueden a gouf duerch eng staark Dramaturgie vun Ufank bis un d'Enn an Otem gehalen.

En effet, le public assista à un récit bien ficelé, renforcé par une dramaturgie efficace, qui tenait en haleine du début à la fin.



apparaître. Le metteur en scène Frank Hoffmann tint d'ailleurs à préciser qu'il abordait ce projet avec autant de sérieux et d'ambition que les *Ruhrfestspiele Recklinghausen*, festival de théâtre d'envergure internationale, qu'il dirige depuis 2005.

Ceci dit, le professionnalisme n'exclut pas la bonne humeur et le plaisir créatif. Natalia Sánchez, responsable du groupe Yolandin, en témoigne: Tout se déroula dans une ambiance dynamique et agréable. Ce fut une excellente collaboration sur une pièce merveilleusement bien écrite.

La première eut lieu dans le cadre des festivités du samedi 16 septembre 2017 en l'église St-Martin, consacrée il y a tout juste 700 ans – par nul autre que le précité Thomas de Septfontaines.

Les trois représentations de la soirée affichaient complet, mais le succès ne se limita pas à l'affluence. En effet, le public assista à un récit bien ficelé, renforcé par une dramaturgie efficace, qui tenait en haleine du début à la fin.

Domage pour ceux qui n'avaient pas le temps d'être de la partie, puisqu'à l'heure actuelle, une réédition du spectacle n'est pas prévue. Mais, comme nous signifie Natalia Sánchez, cela pourrait changer. Il s'agit d'une création bien trop précieuse pour tomber aux oubliettes. Sinon, il reste toujours la possibilité d'une adaptation dans une autre forme...

L'histoire, c'est finalement bien plus qu'une longue énumération de noms de souverains et de dates de batailles. S'il en eût fallu une preuve, la voici!

Text: Marc Angel-Romera
Fotoen: Alain Welter, Michèle Thinnès
Hyder Razvi (Rose de Claire, design.)



Kahler – the place to be

Den Niwwel léist sech op a gëtt de Bléck fräi op Wisen a Felder, déi an der Hierschtsonn blénken. Am Agank vum Duerf maache modern Wunnhaiser méi ale Gebaier Plaz – Bauerenhäff, Duerfhaiser, schick Villaen, meeschtens fachmännesch a mat vill Léift renovéiert. Si leie laanscht d'Haaptstrooss an e puer Gaassen, op deenen ëm dës Auerzäit, am spéide Moien, kee Mënsch ënnerwee ass.

Mee pass op, Friemen: wann s de op Koler kënns, hal d'Aen op!

Wien decidéiert, hei ze wunnen, sees de der, wéi s de duerch déi kleng Uertschaft aus der Gemeng Garnech fiers, dee mécht gär laang Spadséiergämg oder Vëlostouren duerch eng llicht hiwweleg Landschaft, an e muss frou si mat der Rou an der Gemitterlechkeet, wäit ewech vum Trafic.

Den Alain Welter ass zu Koler opgewuess. Ech sinn hei doheem, erkläert hien net onni Houfert. Mir wëssen awer all, dass d'Liewen um Duerf fir déi Jonk net ëmmer flott ass. Landloft hin oder hir, heiansdo wär ee léiwer do, wou eng lass ass. Net dass ee sech wéi een Dëlpe virkënn, wann een enges Daags am Lycée, op der Uni oder an der Aarbechtswelt lant. Ok, Nuetsliewen oder Shopping kann ee souwisou vergiessen, mee sou ee lichte Stad-Feeling wär dach flott...

Fir deem Frust eppes entgéint ze setzen, huet den Alain Welter, dee grad säin Diplom als Illustrator a Stroossekënschtler an der Täsche huet, säin eegent Mëtzel fonnt. Seng Ofschlossaarbecht op der BTK (Berliner Technische Kunsthochschule) féiert hien zréck a säin Heemechtsduerf. Hei huet

Le brouillard se dissipe. Un panorama pastoral apparaît, baignant dans un splendide soleil d'automne. À l'entrée du village, les maisons d'habitation modernes font place à des constructions plus anciennes – fermes, fermettes ou maisons de maître, la plupart rénovées avec goût et savoir-faire – qui se regroupent le long d'une rue principale et quelques rues secondaires, toutes désertes à cette heure avancée de la matinée.

Mais attention, étranger, si tu arrives à Kahler, n'oublie pas d'ouvrir l'œil!

Si l'on a choisi de vivre ici, te dis-tu en parcourant cette petite localité faisant partie de la commune de Garnich, c'est qu'on apprécie sans aucun doute le paysage doucement vallonné, invitant à de longues promenades à pied ou à vélo, qui l'entoure, et qu'on cherche le calme et la sérénité qui y règnent, étant donné son éloignement des axes routiers.

Alain Welter est né à Kahler. C'est mon chez moi, affirme-t-il. Or, nous savons tous que, pour nos jeunes, la vie à la campagne ne réserve pas que du bonheur. Plaisirs champêtres à part, on aimerait quand même parfois se trouver un peu plus au centre de l'action. Histoire de ne pas se faire traiter de rustres lorsqu'on débarque au lycée, à la fac ou dans le monde



hie seng Konscht, déi, sou heescht et, dach an eng Stad gehéiert, op deene Plaze gewisen, déi him zur Verfügung stoungen.

En éischt Wierk mam Titel Howdy-Farm ass un der Giewelwand vun engem Betonsbau ze bewonneren, dee wéinst senger Onopfällegkeet perfekt fir eng Street Art-Aarbecht passt. Et ass eng Kompositioun mat Motiver, déi un al Reklamme fir landwirtschaftlech Produiten erënneren, an déi domat deen urbane Charakter mat Humor an Ironie verdréint. Dem Alain sengem Professer vu Berlin wär dat duergaangen, fir dem Student dee wuelverdénge Bachelor unz'erkennen. Mee, wien hätt et geduecht, d'Leit aus dem Duerf wollten däers méi.

„Make Koler cooler!“ huet et geheescht, a mat där Initiativ krut déi gemittlech Uertschaft eng Jugendkur verpasst.

Dee jonke Kënschtler huet d'Spraydousen ënnert den Aarm geklemmt an ass bei seng Leit zréckgaange fir säin Talent weider ënner Beweis ze stellen,

an hie krut Plaz gemaach fir seng groussflächeg Aarbechten. Ënnerstëtzt vu sengem Papp, dee fir deen techneschen Deel zoustänneg war – Grondéierungen ubréngen oder Steeën opriichten – huet hien eng ganz Serie Konschtwierker geschafent, déi een am ländleche Raum esou sécher net nach eng Kéier begéint.

Dofir denk drun, Friemen: wann s de op Koler kënns, hal d'Aen op!

Wann s de zum Beispill vu Garnech erfot kënns, gëss de, ganz ouni falsch Bescheidenheet, vun engem Schrëtzuch à la Hollywood


professionnel. Et si pour la vie nocturne et le shopping, on veut bien repasser, une touche citadine ne ferait pas de mal.

Pour remédier à cette frustration, Alain Welter, illustrateur et artiste mural fraîchement diplômé, a trouvé sa réponse à lui. Son projet final à la BTK (*Berliner Technische Kunsthochschule*) le ramène dans son village natal où il vient d'exercer son art, que l'on associe d'habitude résolument à la ville, sur des surfaces qu'on voulait bien lui mettre à disposition.

Une première création intitulée Howdy-Farm décore dorénavant le mur pignon d'un bâtiment utilitaire qui, pour son aspect sobre et austère, devait se prêter parfaitement à un traitement façon *street art*. Une composition pleine d'humour, qui détourne avec ironie l'aspect urbain, présentant des motifs apparentés aux vieilles publicités de produits agricoles. Le professeur de Berlin s'en serait contenté pour accorder le bachelor bien mérité à son étudiant. Mais la population locale – qui l'eût cru? – voulut en voir plus.

«Make Koler cooler!» tel fut le slogan sous lequel on lança une initiative qui allait administrer un fameux coup de jeune à la paisible localité.

Armé de ses bombes (aérosol, entendez bien!), notre artiste revint donc auprès des siens pour fournir davantage de preuves de son talent.



begréisst. Ee risegt Gesiicht op enger Scheierpaart ass de Portrait vum fréiere Buergermeeschter Félix Jemming. Op der Fassad vun engem groussen Haus an enger Kéier dréit ee Schleek als Haischen de Capot vun engem Auto. „Maach lues!“ steet derbäi. E bësse méi wäit kanns de al Postkaartemotiver an eng Gaardemauer mat faarwege Musteren entdecken ...

A wann s de dann op Klengbetten zou erausfiers, kënns de énnert

enger Bréck erduerch, där hir Piliere eng Partie Kollege vum Alain op de Leescht geholl hunn.

Ass dat elo en neie Moment an der Graffiti-Konscht? Dat gesi mer dann. Jiddefalls hunn den Alain Welter an déi, déi him zur Säit stoungen, mam Projet „Make Koler kooler“ derfir gesuergt, dass een des zäitgenëssesch Konschtform mat aneren Ae kuckt. An déi Jonk aus dem Duerf hunn do secher näischt dergéint!

Et les habitants ne manquèrent pas de lui offrir les supports grands formats qu'il fallait. Assisté par son père pour le côté artisanal – apprêts, échafaudages etc., il créa toute une série d'œuvres d'art sans doute inédites en milieu rural.


Ainsi, étranger, si tu arrives à Kahler, n'oublie pas d'ouvrir l'œil!

En venant de Garnich, par exemple, un lettrage de style Hollywood installé en pleine verdure te souhaite la bienvenue sans fausse modestie. Le portrait qui te salue sur une porte de grange rend hommage à l'ancien bourgmestre Félix Jemming. Sur la façade d'une grande maison située dans un virage, un gigantesque escargot portant le capot d'une voiture t'invite à lever le pied. Un peu plus loin, tu découvriras des motifs de vieilles cartes postales, un mur de clôture haut en couleurs ...

Finalement, si tu repars en direction de Kleinbettingen, tu passeras sous un pont, où quelques copains d'Alain se sont défoulés en se partageant les piliers porteurs.

Serait-ce un tournant dans la conception de l'art des rues? Nous verrons bien. En tout cas, Alain Welter et ceux qui l'ont soutenu d'une manière ou d'une autre, ont amené avec leur projet « Make Koler kooler » un revirement quant à la perception de cette discipline artistique très contemporaine en la transposant dans leur village bien aimé. Et les jeunes seront les derniers à s'en plaindre.

➔ www.makekolerkooler.com





„Make Koler kooler!“ huet et geheescht, a mat där Initiativ krut déi gemittlech Uertschaft eng Jugendkur verpasst.

« Make Koler kooler! » tel fut le slogan sous lequel on lança une initiative qui allait administrer un fameux coup de jeune à la paisible localité.



Lisa

Interview: Marc Angel-Romera
Fotografen: Laurent Henn, Unkle.Z, Jeanine Unsen

Déi beschtbekannt Lëtzebuerger Cellistin Lisa Berg fillt sech grad esou doheem an der klassischer Musek, wou si als Solistin, Orchester- a Kammermusekerin optrëtt, wéi an Jazz, Pop oder World, wou si scho mat enger ganzer Partie groussen Nimm aus der nationaler an internationaler Zeen zesummege schafft huet. Nieft hire Live-Optrëtt ass si och als Studiomusekerin op villen Opnamen ze héieren. Hiren éischte Solo-Album „White“ koum virun zwee Joer eraus.

Obwuel si zur Zäit krankheetshalber gezwongen ass, eng kreativ Paus anzeleeën, stoung d'Lisa Berg dem Regionalmagasinn Lëtzebuerg West fir een Interview zur Verfügung. Si schwätzt mat eis iwwer Hoffnung, fléissend Iwwergäng a wäertvoll Begéinungen – an iwwert hir Walheemecht Huelmes.

Lisa Berg, violoncelliste luxembourgeoise bien connue, se sent à l'aise aussi bien dans le domaine de la musique classique, où elle se produit en tant que soliste ou musicienne d'orchestre, que dans celui du jazz, de la pop ou de la world, où elle collabore avec de nombreux artistes des scènes nationale ou internationale. En dehors de ses apparitions en live, elle peut être entendue sur de nombreux enregistrements en studio. Son premier album solo « White » est sorti il y a deux ans.

Bien qu'elle soit actuellement forcée à une pause créative pour cause de maladie, Lisa Berg a été disponible pour un entretien avec le magazine régional Lëtzebuerg West. Elle nous parle d'espoir, de transitions progressives et de rencontres précieuses – mais aussi de Hollenfels, son village d'adoption.

RM: Dir maacht kee Geheimnis draus, dass et a leschter Zäit ëm Är Gesondheet net zum Beschte steet. Wéi geet et lech de Moment?

LB: Leider net esou gutt. Zur Zäit sinn ech erëm an der Klinik an ech ka säit engem Joer net musizéieren. Ech hoffen awer, dass dat sech geschwënn nees ännert.

Eng vun Äre bekanntste Kompositiounen ass ee melancholescht Stéck mam Titel „Hope“. Um Clip derzou gesäit een lech an engem Spidolszëmmer Cello spillen. Wouhier kënt d'Entscheidung, en Thema wéi Krankheet musikalesch ze verschaffen?

„Hope“ ass scho viru menger Krankheet entstanen, ech hat et fir de „Relais pour la vie“ 2014 komponéiert an an der Coque live opgefouert. Wéi kuerz duerno mengem Frënd Lambert Schlechter säin Haus ofgebrannt ass, sollt ech un engem Benefiz-Concert fir hien deelhuelen. Dee Moment ass awer meng Krankheet ausgebrach, an ech hu missen ofsoen. De Clip war d'Iddi vun engem Kolleg, fir dass ech op déi Manéier awer kënt um Concert derbäi sinn. Et ass ee Montage mat verschiddeenen Opnamen, an een Deel dovunner huet hien effektiv am Spidolszëmmer gedréint.



Cello göllt allgemeng éischer als Instrument fir klassesch Musek. Dir wiesselt awer vun der Klassik gären eriwwer an aner Genren. Bedeit dat eng grouss Ëmstellung oder ass et ee fléissenden Iwwergank?

Ech hu mat 6 Joer klassesch Musek geléiert, a mat 12 Cello. Ech hunn och fréi ugefaangen z'improviséieren a spillen zënterhier parallel an deene verschiddenste Formatiounen, vu Klassik bis Jazz a Rock.

Ee Rockgitarist kann op sengem Instrument hauchzaart Kläng zauberen oder een Donnerwieder lasstréppelen. Wat huet een deem als Cellistin entgéint ze setzen?

Genee dat selwecht! Den Cello huet ee ganz grouss Klängspektrum. Et kann een ënnert anerem erstaunlech schwierend Téin produzéieren. Ech hunn dat schonn op Live-Concerte bei mengen Improvisatioune gemaach, wou ech d'Raukakustik abezunn hunn. Do entstinn da ganz ongewinnte Kläng...

Är Zesummenaarbecht virun e puer Joer mam Bertrand Cantat sengem Grupp *Détroit* gouf vill an der Lëtzebuenger Press kommentéiert. Sinn doraus nei Kontakter entstanen?

Natierlech. Dat si Bekanntschaften a Frëndschaften, déi bis haut unhalen. Do ass zum Beispill eng Bréisseler Geiistin, mat där ech méttlerweil u weidere Projete geschafft hunn. Oder de Museker a Produzent Bruno Green, mat deem ech mäin éischte Solo- Album* opgehall hunn.

Wat bréngt et engem um kënschtlersche Plang, mat esou bekannte Perséinlechkeeten zesummen ze schaffen?

Beim Bertrand Cantat senger Musek sinn d'Texter wichteg. Et sinn einfach Melodien, awer mat subtilen Detailer... Mee bekannt oder net: all Begéinung ass wäertvoll!

Dir sidd Enseignante an der Réidener Museksschoul. Wat bedeit de Museksenseignement lech?

Vill! Et ass mäi Beruff, an ech maachen dat gären, och wann ech elo natierlech krank gemellt sinn. Ausserdeem léisst dat sech ganz gutt mat mengen anere musikaleschen Aktivitéite kombinéieren.

Dir wunnt zu Huelmes, engem idylleschen Dierfche mat engem grouse Schlass. Sidd Dir bekennend Romantikerin?

Kloer! Ech hunn Huelmes kennegeléiert duerch déi Museks-Stagen, déi am Schlass ofgehale ginn. Et ass sou schéi verdreemt hei, an et war ëmmer mäi Wonsch, hei ze wunnen. Wéi de Guy Schons** mer gesot huet, hie géif säin Haus verlounen, hu mir zu e puer Frënn do an enger WG gelieft. Elo steet mäin eegent Haus direkt niewendrun.



MR: Vous ne cachez pas que votre état de santé n'est pas au mieux ces derniers temps. Comment allez-vous en ce moment?

LB: Pas très bien, malheureusement. Je suis à nouveau hospitalisée, et, depuis un an, il m'est impossible de faire de la musique. Mais j'espère que cela va changer sous peu.

Une de vos compositions récentes est empreinte de mélancolie et porte le titre «Hope». Sur le clip qui l'accompagne, on vous voit dans une chambre d'hôpital, jouant au violoncelle. D'où vient votre décision de créer une musique sur le thème de la maladie?

En fait, j'ai composé «Hope» avant de tomber malade, à l'occasion du «Relais pour la vie» en 2014, et j'ai interprété le morceau une première fois à la Coque. Un peu plus tard, suite à l'incendie de la maison de mon ami Lambert Schlechter, j'allais participer à un concert de bienfaisance. C'est à ce moment que ma maladie s'est déclarée, et j'ai dû renoncer. Le clip était l'idée d'un copain afin que je puisse d'une certaine façon être de la partie. Il s'agit d'un montage de différents enregistrements, dont quelques-uns ont effectivement été réalisés dans ma chambre d'hôpital.

Traditionnellement, le violoncelle est considéré comme un instrument de musique classique. Or, vous aimez passer du classique à d'autres genres. Est-ce un changement abrupt ou plutôt une transition progressive?

J'ai commencé mon apprentissage de la musique classique à l'âge de six ans, celui du violoncelle à douze. Très tôt, je me suis mise à l'improvisation, et depuis, je joue parallèlement dans différentes formations, passant allègrement du classique au jazz ou au rock.

Un guitariste de rock peut produire avec son instrument les soupirs les plus délicats ou déclencher une véritable tempête. Que peut on lui opposer en tant que violoncelliste?

Exactement la même chose! Le violoncelle possède un spectre sonore d'une énorme richesse. Il peut par exemple produire des sons planants très étonnants. J'en fait parfois l'expérience lors de mes improvisations en concert, en tenant compte de l'acoustique de la salle. Cela crée des sonorités extraordinaires...

Il y a quelques années, vous avez collaboré avec le groupe Détroit de Bertrand Cantat, ce qui a fait un carton dans la presse luxembourgeoise. Y a-t-il eu des contacts nouveaux suite à cette collaboration?

En effet, des connaissances et amitiés qui perdurent. J'ai travaillé entre-temps sur d'autres projets avec une violoniste bruxelloise. Sans oublier le musicien et producteur Bruno Green, avec qui j'ai enregistré mon premier album solo*.

Qu'est-ce que cela signifie sur le plan artistique, de travailler avec des personnalités connues?

Dans la musique de Bertrand Cantat, les paroles jouent un rôle primordial. Ce sont des mélodies simples, mais avec des détails subtils... Ceci dit, toute rencontre est précieuse!

Vous êtes enseignante à l'école de musique de Redange. Quelle importance a pour vous l'enseignement musical?

C'est mon métier, et j'adore l'exercer, bien qu'en ce moment, évidemment, je sois en congé de maladie. Après, cela se combine parfaitement avec mes activités artistiques.

Vous vivez à Hollenfels, un petit village avec un grand château. Êtes-vous une romantique assumée?

Absolument! J'ai connu Hollenfels pour les stages de musique qui ont lieu au château. Je suis tombée amoureuse du charme rêveur qui y règne, et j'ai toujours souhaité vivre ici. Lorsque Guy Schons** m'a annoncé qu'il allait louer sa maison, nous avons décidé d'y habiter en colocation avec quelques copains. Aujourd'hui, j'ai ma propre maison juste à côté.



*Dem Lisa Berg säin Album „White“ gouf 2015 am Peter Gabriel senge Real World Studios opgehall.

*L'album "White" de Lisa Berg a été enregistré en 2015 dans les Real World Studios de Peter Gabriel.

**Guy Schons, Grënner a Frontmann vum Grupp Dullemajik, bei deem d'Lisa Berg matspillt

**Guy Schons, fondateur et leader du groupe Dullemajik, avec lequel Lisa Berg a collaboré

Traditiounen héichhalen! Vive la tradition!

Wann ee Folklore seet, denkt een gemenkerhand u Bayern oder Tirol, u Liedersboxen an Dirndl-Kleeder, déi jo dem Moment jo ganz „in“ sinn, zënter dass och bei eis op ville Plazen nom Münchener Virbild „o'zapft“ gëtt. Heiansdo geet och rieds iwwert déi sympathesch Danzgruppen, déi op kengem gudde Fest vun eise portugisesche Matbierger därefe feelen.

Dobäi gëtt dacks vergiess, dass Lëtzebuerg säin eegene Folklore huet. Mat Musek an Dänz, déi wäit an d'Kulturgeschichte zrëckreechen, an deenen dozou passende faarwefrouen Truechten.

Den Historiker no ass d'Traditioun vum Lëtzebuerg Folklore nom éischte Weltkrich e bëssen an de Vergiess geroden, gouf awer an de 1950er Joren, wou Ethnologen a Musekswëssenschaftler sech derfir interesséiert hun, nees opliewe gelooss.

Dëse Folklore huet also dee kitschegen a schmalzege Ruff, deen him alt mol ugehaange gëtt, net verdéngt. Villméi berout en op seriöse wëssenschaftleche Recherchen: Dänz a Museksstécker gi bis op dat 19. Joerhonnert, deelweis esouguer bis an de Mëttelalter zrëck, an d'Truechte sinn der Kleedung aus dem 18. Joerhonnert noempfont.

Dat wëllt awer net heeschen, dass et sech hei em een almoudechen Zäitverdreif fir Nostalgiker handelt. Déi Leit, déi sech dermat befaassen, gesinn dora souguer ee puren Ausdrock vu Liewensfread.

D'Suzanne Kramer ass scho laang beim 1952 gegrënnte Mierscher Grupp *Vallée des Sept Châteaux* derbäi. Si versteet de Folklore als eng Aktivitéit, déi Sport a Kultur matenee verbënnt, an déi een an all Alter ka bedreiwen. A wann dee Eelste vun der Trupp och scho seng 84 Joer gefeiert huet,

da kann en hofreg op seng Form sinn, well bestëmmt Figure verlaangen eng zolidd kierperlech Verfassung.

Leider ass awer, wéi hautzedaags bei deene meeschte Veräiner, ee Mangel un Zoulaf ze bekloen. De Grupp hat zu senger Glanzzeit an den 1980er an 1990er Joren ëmmerhi 50 bis 60 Memberen, haut dogéint zielen déi dräi Lëtzebuerg Gruppen (nieft deene Mierscher gëtt et nach déi Stater *Uucht – la Veillée* an déi Beetebuerg *La Ronde*) zesummen eng 40 Leit, d'Museker mat abezunn, dovunner 15 fir déi Mierscher.

Elo ginn awer am Folklore-Danz méi Dänzer an Dänzerinne gebraucht, fir dass d'Qualitéit vun de Virféierungen op der Héicht ass. Aus deem Grond hunn déi dräi Gruppe sech ënnert dem Numm *Lët'z Folk* zesummegeedoen, fir bei gréisseren Uléiss gemeinsam opzotrieden.

Sou kann een déi Lëtzebuerg Folklore-Gruppen, zesummen oder eenzel, bei traditionelle Feierlechkeete wéi der Eemaischen oder Nationalfeierdag bewonneren, awer och am Ausland op internationale Festivaller suerge si fir Begeescherung, wéi zum Beispill d'lescht Joer um Festival *Zacatecas del Folklor Internacional* a Mexico.

Wann Der lech also gären a gudder Gesellschaft ameséiert, wann Der Loscht hutt, lech ze kleede wéi an der gudder aler Zäit a wann traditionell Musek lech an de Bee kribbelt, dann zéckt net, lech bei der Madame Kramer oder engem vun hire Kollegen ze mellen. Si wäerten lech mat Freed bei hire Prouwen empfänken. An dat ass dach wuel esou flott, wéi eisen däitschen Noperen hir Gewunnechten a Gebräich ze knäipen!

Déi Leit, déi sech dermat befaassen, gesinn dora souguer ee puren Ausdrock vu Liewensfread.

Ils y voient plutôt l'expression même de la joie de vivre.

Qui dit Folklore, pense souvent aux traditions bavares ou tyroliennes, aux pantalons en cuir et robes de style « Dirndl », très en vogue ces temps-ci, depuis que la fameuse fête de la bière de Munich a trouvé des imitateurs un peu partout dans notre pays. Plus rarement, il est également question de ces sympathiques groupes de danse, présents à chaque festivité digne de ce nom que célèbrent chez nous nos concitoyens portugais.

Mais on a tendance à ignorer que le Luxembourg a son folklore bien à lui. Avec une musique et des danses profondément ancrées dans l'histoire culturelle et des costumes d'époque hauts en couleur.

D'après les historiens, la tradition du folklore luxembourgeois s'était quelque peu perdue après la Première Guerre mondiale, mais connut une renaissance dans les années 1950, lorsque des ethnologues et musicologues s'y intéressèrent de plus près.

Le folklore, dans contexte-ci, n'a donc rien à voir avec cette connotation fantaisiste qu'on lui attribue parfois, mais repose sur de sérieuses recherches scientifiques. Ainsi, les pas de danse et une grande partie de la musique remontent au XIX^e siècle, voire au Moyen-Âge, tandis que les costumes sont des créations fidèles de modèles du XVIII^e siècle.

Ceci dit, pour ses adeptes, le folklore est tout sauf un passe-temps désuet auquel n'adhéreraient que



les vieux nostalgiques! Ils y voient plutôt l'expression même de la joie de vivre.

Suzanne Kramer, membre de longue date du groupe *Vallée des Sept Châteaux* fondé à Mersch en 1952, considère qu'il s'agit d'une activité à la fois sportive et culturelle, que l'on peut pratiquer à tous les âges. D'ailleurs, si le doyen de la bande a 84 ans, c'est qu'il a bien préservé sa constitution, car certaines figures requièrent une forme physique à la hauteur.

Malheureusement, comme c'est le cas de nos jours pour presque toutes les associations, on déplore une régression de nouveaux adhérents. En effet, si le groupe comptait, à son essor lors des années 1980-1990, entre 50 et 60 membres, les trois associations luxembourgeoises

(outre le groupe merschois, celui de Luxembourg-ville *Uucht - la Veillée* et celui de Bettembourg *La Ronde*) arrivent aujourd'hui ensemble à 40 personnes, musiciens compris, dont une quinzaine pour Mersch. Or, comme la danse folklorique nécessite un nombre élevé de danseurs, la qualité des prestations risquerait de souffrir si ce chiffre continuait de diminuer. Aussi, les trois groupes se sont-ils fédérés sous le nom de *Lët'z Folk*, afin de parer à ce déficit sous forme de fusions occasionnelles.

Ensemble ou séparément, les groupes de folklore luxembourgeois font des apparitions régulières lors d'événements traditionnels comme l'*Éimaichen* ou la Fête nationale, mais également à l'étranger pour des festivals internationaux, où il leur arrive de faire un vrai carton, comme par exemple

l'année passée au festival *Zacatecas del Folklor Internacional* au Mexique.

Alors, si vous avez envie de vous amuser en bonne compagnie, si vous aimez vous habiller comme au bon vieux temps, si la musique traditionnelle vous donne envie de bouger, n'hésitez pas à contacter Madame Kramer et ses compagnons. Ils seront sans doute ravis de vous accueillir lors de leurs répétitions hebdomadaires. Ce sera certainement plus charmant que de plagier les us et coutumes de nos voisins d'outre-Moselle!

➔ www.letzfalk.lu
www.folklor-mersch.lu

Praktesch Informatiounen zur Kultur an der Region

Informations pratiques relatives à la culture dans la région



Kulturell Institutiounen Institutions culturelles

Mierscher Kulturhaus

53, rue G.-D. Charlotte L-7520 Mersch
T: 26 32 43-1
E: info@kulturhaus.lu
www.kulturhaus.lu

Centre culturel Kinneksbond

42, route d'Arlon L-8210 Mamer
T: 26 39 51 00
E: info@kinneksbond.lu
www.kinneksbond.lu

Centre national de littérature

2, rue Emmanuel Servais L-7565 Mersch
T: 32 69 55-1
E: info@cni.public.lu
www.cni.public.lu

Bibliothéiken Bibliothèques

Mierscher Lieshaus

55, rue G.-D. Charlotte L-7520 Mersch
T: 26 32 21 13
www.mierscher-lieshaus.lu

Bicherschief

Miersch: am Park nierwent der Buvette
an am Haff vun der Schoul Cécile Ries
um Krounebiérg

Boîtes à livres

*Mersch: dans le parc à côté de la buvette
et dans la cour de l'école Cécile Ries
au Krounebiérg*

Theater Théâtre

Theaterschoul Yolandin, www.yolandin.lu
Rido 85 Steinfort
Pëttener Theaterfrënn
Theaterfrënn Téinten
Theaterkëscht Gemeng Mamer
Schmunzelkëscht asbl Garnech



Museken

Fanfares et harmonies

Mierscher Musek
Harmonie Gemeng Mamer
Garnecher Musek
Käercher Musek
Fanfare de la commune de Boevange/Attert
Harmonie Kleinbettingen
Stengeforter Musek

Chorallen / Chéier

Chorales / chœurs

Chorale Cäcilieveräiner zu Bëschdref
Cap/Kapellen, Garnech-Duelem, Hoen-
Klengbetten, Käerch, Mamer, Miersch,
Miesdref, Rolleng, Stengefort
Sängerbond Bruch
Männerchouer Béiwen/Attert
Péckvillercher Hagen-Kleinbettingen

Museksschoulen

Écoles de musique

Regional Museksschoul Westen &
Regional Museksschoul Uelzechtdall
www.ugda.lu
www.boevange-attert.lu



Kulturell Sitten

Sites culturels

Chapelle Helperknapp
Tumulus gallo-romain, Bill
Villa gallo-romaine «Miecher», Goebblange
Thermes gallo-romains, Mamer
Villa gallo-romaine «Op Mies», Mersch
Menhir, Reckange
Chapelle Enelter, Reckange
Château de Mersch
Château de Pettingen
Château de Koerich
Château de Schoenfels
Château de Septfontaines
Château de Ansembourg
Château de Hollenfels
Couvent de Marienthal
Al Schmelz, Steinfort
www.guttlund.lu



Weider Adressen

Autres adresses

Geschicht erliewen: theateraniméiert
Féierungen op den historesche Sitten an
der Regioun Lëtzebuerg West
www.kultrun.lu

Galerie op der Cap

70, route d'Arlon L-8310 Capellen
www.mamer.lu

Centre culturel Al Schmelz

rue Collart L-8414 Steinfort
www.steinfort.lu

Musée international d'effets de gendarmerie et de police

51, route d'Arlon L-8310 Capellen
www.gendarmerie.lu

Dëst an dat En bref

10 Joer LEADER Lëtzebuerg West 2007-2017 um zweete regionale LEADER-Dag

Och dëst Joer huet de regionale LEADER-Dag erëm stattfonnt. Ganz no eisem Motto „Zesummen an eiser Regioun“ wëllt de LEADER-Büro den Austausch an den Zesummenhalt tëschent eise Partner mat dëser Veranstaltung stäerken. De regionale LEADER-Dag huet dëst Joer den 21. Oktober stattfonnt an et war d’Gemeng Simmer, déi agelueden hat. De Buergermeeschter Yves Ewen huet am Centre culturel *Am Härenhaff* en Iwwerbléck iwwert d’Gemeng Simmer ginn. Am Usschluss huet hien d’Partner duerch den histoireschen Duerfkär vu Simmer gefouert. Sou konnten d’Partner an engem entspaante Kader d’Gemeng Simmer kenneléieren a géigesäiteg Projetsiddien austauschen.

Gläichzäiteg huet d’GAL-Präsidentin Christiane Eicher dervu profitéiert fir zeréckzekucken op 10 Joer Lokal Aktionsgrupp LEADER Lëtzebuerg West 2007-2017 an huet dëse ronne Gebuertsdag zesumme mat de Partner aus der Regioun gefeiert.

LEADER Lëtzebuerg West 2007-2017 célèbre son 10^e anniversaire lors de la deuxième journée régionale LEADER

La journée régionale LEADER a eu lieu pour la deuxième année consécutive. Fidèle à sa devise *Ensemble dans notre région*, le bureau LEADER a organisé cette manifestation pour favoriser les échanges et renforcer la cohésion entre ses partenaires. Cette année, la journée LEADER s’est déroulée le 21 octobre sous l’égide de la commune de Septfontaines. Le bourgmestre Yves Ewen a brossé un tableau d’ensemble de la commune de Septfontaines dans le centre culturel *Am Härenhaff*. Ensuite, les partenaires ont visité le centre historique de Septfontaines. C’était l’occasion pour eux de découvrir la commune de Septfontaines dans une ambiance décontractée et d’échanger leurs idées de projets.

Lors de cette occasion, la présidente du GAL Christiane Eicher a profité pour jeter un regard rétrospectif sur les 10 ans d’existence du Groupe d’Action Locale LEADER Lëtzebuerg West 2007-2017 et pour célébrer cet anniversaire à chiffre rond avec les partenaires de la région.





www.letzebuergwest.lu: neie Look!

Mat engem neien Internetoptrëtt start déi Lokal Aktiounsgrupp LEADER Lëtzebuerg West an den Hierscht: Um Site fannt Dir Informatiounen zu LEADER, der Lokaler Aktiounsgrupp an der Regioun, souwéi zu all den aktuellen an och den ofgeschlossene Projeten. Dir kënnst lech de Regionalmagasinn a Broschüren erofuede souwéi Kontakt mam LEADER-Büro ophuelen, dëst alles op Däitsch a Franséisch.

www.letzebuergwest.lu: nouveau site!

Le site web du Groupe d'Action Locale LEADER Lëtzebuerg West a fait peau neuve cet automne. Sur le site, vous trouverez des renseignements sur LEADER, le Groupe d'Action Locale dans la région, et sur l'ensemble des projets en cours et achevés. Vous pouvez y télécharger le magazine régional et des brochures, et prendre contact avec le bureau LEADER - le tout en langue allemande ou française.



➔ www.letzebuergwest.lu

Agenda

Datum / Date	Veranstaltung / Événement	Uert / Lieu	Weider Infoen / Plus d'informations
27.06.2017 - 04.06.2018	Aufbewahrt! Das literarische Leben in Selbstzeugnissen, Dokumenten und Objekten	CNL, Mersch	www.cnl.etat.lu
November / Novembre			
26.11.2017	Kinderbüchermarkt	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
25.-26.12.2017	Theater De Rido 85	Al Schmelz Steinfort	www.steinfort.lu
28.11.2017	Ssst ! Theater ohne Worte, 2-5 J.	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
30.11.2017	La Voix Humaine - Theater	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
Dezember / Décembre			
01.12.2017	Adventskranzverkauf & Chrëschtmaart	Tuntange	www.tuntange.lu
02.-03.12.17	Weihnachtsmarkt	Mersch	www.mersch.lu
03.12.2017	Ex(s)ilium-Fäilheetsladder -Eine Musikalische, Politische Reise durch die Luxemburgische Geschichte	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
05.12.2017 - 28.01.2018	700 Joer Mierscher Laangbréck - Ausstellung / Expo	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
06.12.2017	Das Lied der Schneekönigin – Sascha Ley, Mathieu Lebrun	Kinneksbond, Mamer Mamer	www.kinneksbond.lu
07.12.2017	Conférence Logement	Mamer Schlass	www.mamer.lu
08.12.2017	Wot? No Fish !!! - Theater	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
09.-18.12.2017	Sténgfort Chrëschtmaart	Steinfort	www.steinfort.lu
12.12.2017	Vun Näischtnotzen, Spéitzbouwen an allerlee Stichtereien - Theater auf Luxemburgisch und in Gebärdensprache, 7-11 J.	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
17.12.2017	Wanderung	Buschdorf	www.asivema.lu
Januar / Janvier			
07.01.2018	Liesung aus dem Schreifatelier	Kulturhaus, Mersch	www.mierscher-lieshaus.lu
11.01.2018	Die fürchterlichen Fünf – Theater, 6-10 J.	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
12.-20.01.2018	Hotel Mimosa - Theater	Irbicht, Beringen / Mersch	theaterfrennpetten@gmail.com
19.01.2018	D'Kachboun-Theater	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
27.01.2018	Luxembourg philharmonia	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
Februar / Février			
04.02.2018	Schneewittchen -Puppentheater 7-10 J.	Kulturhaus, Mersch	www.kulturhaus.lu
07.02.2018	Circus der Sinne Mother Africa	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
21.02.2018	Les Gavroches - Konzert	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
März / Mars			
07.03.2018	Shake it out- Tanzspektakel	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
13.03.2018	Wat den Noper seet...an...aner Geschichten- Literarischer Abend	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu



LEADER
Lëtzebuerg West

Boevange/Attert
Garnich
Koerich
Mamer
Mersch
Septfontaines
Steinfort
Tuntange



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs



MIXTE
Papier Issu de
sources responsables
FSC® C103749



Europäischer Landwirtschaftsfonds für die Entwicklung
des ländlichen Raumes: Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete

